

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4707 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4707.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 52 Stëmme bei 7 Abstentounen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par M. Ady Jung), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Patrick Santer), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Claude Meisch), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4740 iwwert de Statut vun der Agence internationale de l'énergie atomique. Et si bis elo agedroen: d'Häre Wiseler, Fayot, Huss a Bisdorff. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Emile Calmes.

6. Projet de loi 4740 portant approbation

- de l'Amendement de l'article VI du Statut de l'Agence Internationale de l'Energie Atomique
- de l'Amendement de l'article XIV du Statut de l'Agence Internationale de l'Energie Atomique,

approuvés par la Conférence Générale de l'A.I.E.A., le 1^{er} octobre 1999

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Mir hunn et hei mat engem Gesetz ze dinn, wou a sech zwee Amendementer ëmgesat ginn, wat de Statut vun der internationaler Atomenergieagence ugeet. Dat Gesetz ass den 18. Dezember déposiert ginn. De Statsrot huet de 6. Februar 2001 säin Accord zu deem Gesetzesprojet ginn.

Ëm wat geet et bei deem Gesetz?

Et sinn zwee Amendementer reng technescher Natur: Den éischten Amendement soll d'Zesummesetzung vum Conseil des Gouverneurs vun dëser Agence ofänneren; den zweeten Amendement soll de Kalenner änneren, wat den Dépôt vum Budget ugeet.

Den éischten Amendement ass zustane komm op Grond vun enger Demande vun Entwécklungslänner, haaptsächlech den arabeschen an den afrikanesche Länner aus dem Mëttleren Orient, déi gemengt hunn, si wieren an deem Conseil ënnerrepresentéiert an dofir verlaangt hunn, dass d'Memberzuel sollt eropgoen. Dat ass eng Affär, déi scho 25 Joer laang dauert, an elo ass emol e politeschen Accord zustane komm, deen awer nach guer kee prakteschen Effet huet, well dat, wat dann elo ëmgesat gëtt, trëtt eréischt a Kraaft, wann déi Länner aus dem Grupp Mëttleren Osten a Südasien sech eens sinn, fir och Israel, dat an deem Grupp dran ass, an hire Grupp ze integréieren. Do sinn all déi arabesch Länner dran an déi schéngen net vill mateneen ze diskutéieren. Eréischt wa se mateneen diskutéieren an eens sinn, dann trëtt deem Amendement a Kraaft.

Am zweeten Amendement geet et ganz einfach drëm, datt de Projet de budget elo all zwee Joer ënnert d'Lupp geholl gëtt, gläichzäiteg mam Aktivitéitsprogramm vun der internationaler Atomenergieagence. Domat gëtt dann all zwee Joer de Budget gläichzäiteg an dem Aktiounsprogramm festgehalen.

Dat war et schonn. Ech géif lech dofir invitéieren, deem Projet Är Zoustëmmung ze ginn a soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Claude Wiseler agedroen. Den Här Wiseler huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Wiseler (CSV).- Merci, Här President. Vu datt et sech hei ëm e relativ technesche Rapport an en technescht Gesetz handelt, wëll ech just dem Här Calmes merci soe fir déi Aarbecht, déi e gemaach huet, fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport an einfach den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

Merci.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Ben Fayot. Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, ech wollt soen, datt mer natierlech och déi technesch Aménagement vum där Agence acceptéieren. Ech wollt awer eng Remarque dozou maachen.

Déi international Agence fir Atomenergie ass eng ganz grouss an och influent Organisatioun, fir d'Utilisatioun vun der Nuklearenergie. Ech géif op jidde Fall wënschen, dass mer eng Kéier hei an der Chamber an enger Kommissioun emol eng seriö Diskussioun iwwert d'Fonctioun vun där Agence féieren, och eventuell iwwert den Intérêt fir Lëtzebuerg, fir dran ze sinn, den Apport vu Lëtzebuerg an där Agence, well ech fannen, alleguer déi international Konventiounen, déi mer do stëmmen, si ganz schéin. Dat ass eng Formalitéit laanscht déi mer net kommen, well eng Partie Saache mussen erneiert, respektiv aménagéiert ginn, mä ech fannen trotzdeem, besonnesch bei esou enger wichteger Fro wéi den zivilen Usage vun der Energie nucléaire, wier et wichteg, dass d'Parlament och eng Kéier géif eng Diskussioun féieren, besonnesch iwwert d'Fonctioun vun dëser Agence.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den nächsten Diskussionsriedner ass den Här Jean Huss.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Här President, nëmme ganz kuerz, fir ze soen, dass mir wäerte géint dëse Projet stëmmen, an zwar net nëmme aus deem Grond, dee vum honorablen Här Calmes erkläert ginn ass. D'Problematik, datt d'Länner vum Mëttleren Orient a vu Südasien gezwonge solle ginn, Israel opzehuelen. Dat ass eng Saach, déi fir mech problematesch ass, mä insgesamt hu mir mat där Agence absolut näischt um Hutt. Mir hunn et scho méi wéi eng Kéier hei gesot, dass dat eng Agentur ass, déi antrëtt fir d'Förderung vun der Atomenergie. Déi Gréng sinn zënter laangem bekannt als Géigner vun der Atomenergie a mir maache kee Kompromëss mat esou enger Agentur. Fir eis wier se am beschten ofgeschaaft.

M. le Président.- Als leschten Diskussionsriedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, am Géigesaz zu verschiddene Virriedner sinn ech der

Meenung, dass et sech hei net nëmmen ëm eng Saach vun technescher Natur handelt, mä dass se héich politeschen Inhalt huet an dass se souguer eng Erpressung beinhalt, déi vun de westleche Länner ausgeübt gëtt vis-à-vis vun de Länner aus dem Mëttleren Orient an aus Südasien, déi solle gezwonge ginn, Israel an hirer Regioun e Sëtz ze ginn an dëser internationaler Atomagentur.

Dobäi muss een awer bedenken, dass a ganz villen aneren internationale Saachen Israel éischer zougerechent gëtt zu Europa. Israelesch Sportmannschaften huelen Deel un Europameeschterschaften. Si sinn also do am Kader vun europäesche Sportfederatiounen integréiert. Mä dat ass awer nëmmen eng niewesächlech Saach.

Fir datt fir verschidden aner Länner aus der Drëtter Welt d'Méiglechkeet géif geschaaft ginn, e gréisseren Undeel u Leit an déi Agentur kënnen ze delegéieren a wielen ze loossen, gëtt awer op där anerer Säit d'Fuerderung opgestallt, dass se dann och Israel am Kader vun hirer Regioun missten ophuelen.

Emgekéiert kéint een och soen, dass déi Länner aus dem Mëttleren Orient op där anerer Säit kéinten d'Fuerderung stellen, dass Israel sech fir d'éischt misst zrëckzéien aus de besate Gebidder a misst ophale mat senger Siedlungspolitik.

Dat ass dee politeschen Deel vun dësem Projet. Dee méi techneschen ass dee vun der Atomenergieagentur. Et wär vill méi richtig, wann ee se nëmmen international Energieagentur géif bezeechen an dat Wuert „Atom“ ewech loossen, aus deem einfache Grond well dat e wierklechen Inhalt hätt, deem d'Problematik vun haut, wat d'Energieproblemer ubelaangt, kéint traitéieren. Dës Agentur ass bekannt als déi, déi d'Atomenergie wëllt fördern. Do muss ech mech de Wieder vu mengem Virriedner uschlëssen, fir ze soen, dass och dat d'Ursach ass, firwat ech géint dëse Projet stëmmen.

M. le Président.- Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Ech wëll d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Ausseministesche, d'Mme Lydie Polfer.

Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.- Ech wëll dem Här Calmes och merci soe fir säi Bericht. Ech mengen, hien huet vun der technescher Säit alles gesot, wat hei zu deem Projet ze soen ass.

Gewëss, et ass dee politesche Volet, deem och hei vun e puer Sprächer opgeworf ginn ass, mä ech wëll awer kloerstellen: Israel ass Member vun der Agence internationale de l'Energie atomique. Et geet also net drëm, fir et eranzehuelen oder net. Et geet ganz einfach drëm, fir seng Plaz an deem geographesche

Grupp unzeerkennen, wou et nun eemol geographesch läit. Et gëtt eng Rei geographesch Gruppen. Dat eent ass Afrika, dat anert sinn Nordamerika, Latäinamerika, Westeuropa, Osteuropa, Mëttleren Osten an ebe Südasien, Westasien, de Pazifik an de Far East.

Israel ass nun eemol op där geographescher Plaz, wou et ass, an ech mengen, de Fong vun där Saach hei ass effektiv ganz héich politesch. Et ass net nëmmen eleng hei, wou dee Problem sech stellt. Et ass a villen internationale Gremien, wou déi Problematik sech stellt, mä ech kann awer, wéi gesot, wat de Fong ubelaangt, lech nëmmen dat recommandéieren, wat den Här Calmes lech och scho recommandéiert huet, dat heescht, Ären Accord zu dëser Konventioun ze ginn, wat et nämlech géif erméiglechen, wann dann iergendwéi nees de Konsens an de Bon-sens och an deem doten Deel vun der Welt géifen duerchschoen, fir eng besser Representatioun vun enger Rei Länner kennen ze gewährleeschten.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4740 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet de loi si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass mat 53 Jo- a 6 Neen-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par M. Ady Jung), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Patrick Santer), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Claude Wiseler), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, M. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4741, eng Konventioun iwwert d'Sécherheet vum UNO-Personal.

Et si schonn ageschriwwen déi Häre Wiseler a Fayot.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Emile Calmes.

7. Projet de loi 4741 portant approbation de la Convention sur la sécurité du personnel des Nations Unies et du personnel associé, faite à New York, le 9 décembre 1994

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn et hei mat engem Gesetz ze dinn, duerch dat mer eng Konventioun ëmsetzen, wou et ëm d'Sécherheet vum Personal vun de Vereenten Natiounen, respektiv ëm dat associéiert Personal geet. Dat Gesetz ass den 18. Dezember 2000 déposéiert ginn. Schon den 29. November 2000 hat de Statsrot säin Avis favorable zu dësem Gesetz ginn.

Ëm wat geet et? Zënter dem Enn vum kale Krich hunn a sech d'Friddensmissiounen vun der UNO an och aner humanitär Missiounen drastesch zougeholl, bedéngt duerch déi vill lokal Konflikter, déi an der Welt entstane sinn, an och déi sëllege Biergerkriicher wéi a Ruanda oder Ex-Jugoslawien. Dat sinn nëmmen zwee Beispiller dovun.

Dat huet natierlech mat sech bruecht, datt ëmmer méi Personal vun de Vereenten Natiounen zum Asaz komm ass, a wat méi Personal zum Asaz kënnt, wat de Risiko méi grouss gëtt, dass d'Zuel vun den Affer eropgeet, bedéngt duerch oft onsécher oder gespaante Waffestëllstänn, respektiv duerch Minnen, respektiv duerch ganz Flüchtlingspopulatiounen, déi sech net eens sinn, respektiv awer och duerch d'Hëllefsmaterial, dat deenen entgéint bruecht gëtt, déi et esou néideg hunn, dat och benotzt gëtt vun deene verschiddene Krichssäiten, fir sech dann nach um Bockel vun den UNO-Leit ze zerstreiden.